N°7590
Entrée le 16.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7590 vum 13. Februar 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

D'Gemeng Beetebuerg huet Ufank Februar 2023 eng "Permission de voirie" ugefrot fir op der Nationalstrooss N13 am Ausgang vun Hunchereng eng Schikan anzeriichten, woubäi mëttels Leedschwellen de Verkéier ëmgeleet gëtt. D'Analyse vun dëser Ufro ass nach net ofgeschloss, esou datt eng Permissioun nach net accordéiert ass.

Generell ass eng säitlech Schikan eng vun de Mesuren déi a Fro komme fir de Verkéier ze entschleunegen. Des baulech Mesure ass och an der Broschür "Apaisements de trafic sur la voirie de l'État" vun der Stroossebauverwaltung beschriwwen.

Allerdéngs ass ëmmer sécherzestellen, datt de Verlaf vun der Strooss ënnert allen méigleche Konditiounen, wéi zum Beispill bei schlechter Visibilitéit, erkennbar ass.

Enner anerem ass och eng physesch Trennung tëschent den zwou Fuerspueren néideg, sou wéi eng kloer Erkennbarkeet vun der Schikan u sech (Beschëlderung, iwwerhéichte Verkéiersinsel, asw.). Wann dës Konditiounen net erfëllt sinn, mussen aner Mesuren a Betruecht gezu ginn.

Déi ugeschwate Fuerbunnmarkéierunge goufe mëttlerweil (13. Februar) vun der Gemeng ewechgeholl.

Lëtzebuerg, den 16. Mäerz 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch